ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. Juli 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

De Moment lafe jo flächendeckend COVID-Tester am ganze Land. Ganz aktuell ass mer elo e Fall vun enger Persoun zougedroe ginn déi an engem héichsensibele Beruff schafft a sech reegelméisseg teste léisst. Déi Persoun huet bannent 5 Deeg zwou Invitatioune kritt fir an en Test ze goen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Wéi kann et sinn datt déi nämmlecht Persoun bannent 5 Deeg zwou Invitatioune kritt fir sech testen ze loossen?
2. Op wat fir eng Datebasis gëtt sech beruff fir d'Invitatiounen un d'Bierger ze verschécken?
3. Mir si Fäll aus medezinesche Beruffer (Dokter, Zänndokter) bekannt déi nach keng eenzeg Invitatioun krute fir sech op Covid-19 testen ze loossen. Ass dat normal?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten